LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7127 vum 7. November 2022 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

Hei ënnen drënner fann Dir een Tableau mam Taux pro Linn a pro Mount vun den Zich, déi während der Periode vu Januar bis Oktober 2022 ee Retard vu méi wéi 6 Minutten opgewisen haten:

| Mois | 10 | 30 | 50 | 60 | 70 | 90 | **Total** |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | 3,0% | 3,5% | 2,0% | 5,0% | 9,7% | 8,5% | **4,7%** |
| 2 | 3,0% | 2,9% | 2,9% | 4,8% | 8,9% | 9,7% | **4,8%** |
| 3 | 3,7% | 2,6% | 3,2% | 5,6% | 6,5% | 11,0% | **5,1%** |
| 4 | 3,2% | 2,8% | 1,6% | 3,8% | 4,1% | 9,6% | **4,0%** |
| 5 | 3,8% | 3,7% | 2,3% | 3,9% | 5,0% | 10,4% | **4,4%** |
| 6 | 6,4% | 5,8% | 3,6% | 5,3% | 4,1% | 11,9% | **6,0%** |
| 7 | 4,8% | 2,6% | 3,1% | 5,5% | 3,8% | 12,6% | **5,2%** |
| 8 | 6,6% | 10,4% | 1,8% | 7,9% | 4,9% | 11,2% | **7,2%** |
| 9 | 13,4% | 5,9% | 2,7% | 9,8% | 5,5% | 15,2% | **9,3%** |
| 10 | 10,7% | 2,8% | 3,6% | 6,9% | 11,2% | 13,3% | **8,1%** |
| **Total** | **5,9%** | **4,4%** | **2,7%** | **5,9%** | **6,4%** | **11,4%** | **5,9%** |


Et sief hei ze bemierken datt sech d'Definitioun vun engem Retard op déi europäesch Richtlinnen baséiert, laut deenen een Zuch ab 6 Minutten als onpénktlech consideréiert gëtt.

D'CFL féiere keng Statistik iwwert de maximale Retard vun engem Zuch, well deen bei der Analyse vun der Pénktlechkeet vun den Zich net relevant ass. De Pénktlechkeetstaux vun den Zich gëtt ermëttelt iwwert d'Unzuel vun den Zuchfaarten déi Retard haten, géigeniwwer der Gesamtunzuel u geplangten Zuchfaarten.

Hei ënnen drënner fann Dir een Tableau mam Taux pro Linn a pro Mount vun den Zich, déi während der Periode vun Januar bis Oktober 2022 ausgefall waren:

| Mois | 10 | 30 | 50 | 60 | 70 | 90 | **Total** |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | 0,7% | 0,3% | 3,1% | 1,6% | 2,1% | 1,8% | **1,4%** |
| 2 | 2,3% | 1,6% | 3,1% | 2,1% | 3,0% | 3,7% | **2,4%** |
| 3 | 1,1% | 0,6% | 1,7% | 1,0% | 1,9% | 5,4% | **1,6%** |
| 4 | 1,8% | 0,9% | 1,2% | 0,8% | 0,6% | 4,5% | **1,5%** |
| 5 | 1,0% | 0,5% | 3,6% | 0,8% | 1,0% | 1,7% | **1,2%** |
| 6 | 1,7% | 0,7% | 2,2% | 1,1% | 2,4% | 2,3% | **1,6%** |
| 7 | 1,1% | 0,2% | 1,8% | 1,7% | 1,3% | 7,7% | **1,9%** |
| 8 | 1,8% | 1,0% | 1,2% | 2,1% | 1,5% | 2,0% | **1,7%** |
| 9 | 3,8% | 2,5% | 3,1% | 3,3% | 2,4% | 7,4% | **3,6%** |
| 10 | 1,6% | 0,6% | 6,0% | 1,3% | 1,1% | 5,7% | **2,2%** |
| **Total** | **1,7%** | **0,9%** | **2,8%** | **1,6%** | **1,7%** | **4,3%** | **1,9%** |

D’Ursaache vun dëse Suppressioune sinn a folgend Kategorien opgedeelt:



De folgenden Tableau weist unhand vun enger Rei u Beispiller, wat fir eng Zort un Tëschefäll ënnert déi eenzel Kategorie falen:

| | |
|---|---|
| Nëtverfügbarkeet vun den Eisebunnsinstallatiounen: | • Stéierung op enger Barrière oder enger Weich;<br>• Stéierung un de Sécherheetsinstallatiounen;<br>• Stéierung un den Télécommunikatiounsinstallatiounen |
| Nëtverfügbarkeet vu Rullmaterial: | • Problem mat der Maschinn;<br>• Pann vu Sécherheetssystemer um Zuch (ETCS) |
| Iwwerschreidung vun der Haltezäit an Zäitverloscht op der Streck: | • Eran/Erausklamme vu Reesende mat ageschränkter Mobilitéit;<br>• Oppen Dier;<br>• Eraklamme mat Vëlo |
| Importéiert Verspéidungen aus Nopeschréseauen: | • Verspéidungen op de Grenzpunkte beim Antrëtt an d'Land |
| Extern Grënn: | • Streik um Nopeschréseau;<br>• Extern Aflëss (all Virfall provozéiert duerch een Drëtten);<br>• Klimatesch Aflëss a natierlech Ursaachen |
| Virfäll Accidenter: | • Accident mat Persounen;<br>• Entgleisung/Collisioun vun Zich;<br>• Alarm;<br>• Iwwerschreide vun engem Signal |
| Domino Effekt: | • Iwwerlaaschtung an der Gare;<br>• Zousätzlech Verspéidung déi duerch den Décalage vun engem aneren Zuch entsteet |
| Aarbechten: | • Iwwerschreidung vun der Zäitvirgab vun der Verkéiersënnerbriechung fir d'Duerchféierung vu geplangten Aarbechten;<br>• Schied déi wärend den Aarbechten entstane sinn;<br>• Ofweichungen an den Aarbechtsdokumenter |

D'CFL verfügen iwwert keng Detailer, wéi dacks datt et zu enger Feelinformatioun op der Mobilitéitsapp koum ass.

Lëtzebuerg, den 1. Dezember 2022.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch